PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

D'Press huet rezent iwwert eng Rei vu Problemer bei enger ASBL bericht. Der Press no huet de Familljeministère d'Zesummenaarbecht mat der CASA ASBL agestallt, déi ë.a. Coursen offréiert huet. Doriwwer eraus gi Virwërf gemaach, dass d'Organisatioun hir Integratiounsaarbecht net esou geleescht huet wéi se sollt, an dass et Onreegelméissegkeete bei de Presenzlëschte vun de Coursë gouf. D'Organisatioun krut och Subsiden a Remboursementer vu verschiddene Ministèren, dorënner och vum Educatiounsministère, fir Sproochecoursen unzebidden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéini genee gouf d'Zesummenaarbecht mat der genannter ASBL agestallt a wat waren d'Grënn dofir?
2. Wéi vill Subside krut d'Organisatioun an de leschte 5 Joer vum Familljeministère?
3. Wéi eng Kontrolle goufen duerchgefouert fir ze iwwerpréiwen ob d'Missioune wierklech erfëllt goufen?
4. Wéi eng Moossname goufen ergraff fir sécherzestellen, dass déi ugebuede sozial Déngschtleeschtungen elo vun aneren Organisatioune kënnen iwwerholl ginn?
5. Gëtt et en Audit vun de Subsiden, déi dës Organisatioun an de leschte Jore krut?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten